

**Mercredi,  
30 janvier 2008**

# Chambre des Députés

## Compte rendu officiel

### Supplément commun aux quotidiens:

d'Wort, Tageblatt, Létzebuerger Journal,  
Zeitung vum Létzebuerger Vollek

### Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

### Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

### Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

D'Fiduciairen hutt Der opgezielt, d'Banken, d'Ambassaden. Dat ass richteg. An deen, dee wéllt owes e Patt drénke goen oder bei een iesse goen, wat en normale Bierger ass, deen huet dat eben net. An déi gutt Präsesser hunn herno d'Ambassaden, hunn herno d'Fiduciairen, hunn herno d'Banken, hunn herno déi déck Entreprisen. Jo, dat ass esou.

Ech suergen derfir, dass och déi kleng Consommateur muer d'selwecht kenne be-handelt ginn.

**» M. le Président.**- Här Krecké, den Här Sauber wéllt nach eng Kéier eppes soen. Här Sauber, Dir hutt d'Wuert.

**» M. Marcel Sauber (CSV).**- Jo, fir vláicht Parole après ministre, fir op déi lescht Punkten anzegoen.

Sinn et effektiv némnen déi Grouss, déi froen? A sinn et némnen déi Grouss, déi fueren? Ech kann lech soen - dat hunn ech nämlech och hannerfrot -, dee grousse Betrib, dat misst jo normalerweis dee sinn, deen d'Soumissionne vun de Fiduciairen an anere wanne misst. Mä dee fierst net do, well déi aner vill méi bëllig fuere wéi hien, esou datt Der do scho falsch läit am Räsonnement.

**» M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech hu guer net vum grousse Betrib geschwät. Dir hutt dovu geschwät.

**» M. Marcel Sauber (CSV).**- Neen, neen, neen!

Dat anert, ech sinn och der Meenung, datt ee verschidde Saache soll reglementéieren. Dat hunn ech hei gesot. Ech hunn och gesot, mir sollen déi Gesetzgebung, déi verstëbst ass, wou mer alleguer hei schold doru sinn, ofschafen oder nei iwwerkucken.

Ech mengen, ech si frou, datt Dir meng Propositioun do mat deelt, mä beim Conseil de la Concurrence, do hunn ech lech eng Partie Unhaltspunkte ginn, déi lech vláicht sellen ze iwwerleeë ginn. Méi net! Ech mengen, wann ech en Avis kréien, wou dräimol Réckzéier dra sinn, da geheien ech deen an de Pabeierkuerf. Da ginn ech deen net no baussen an där dote Form.

A wann Der mer sot, ech froen en Organ, wat indépendant ass. Ma par définition, en Organ, wat indépendant ass, wann ech dat gefrot hunn, duerno ass et net méi indépendant, well et u sain Avis iergendwéi awer an enger Form gebonnen ass, wann et misst asprangen op deem dote Sujet.

Dat sinn déi Bedenken, déi ech matbruecht hunn, net d'Kritik drun, mä d'Bedenken, déi lech sollen ze iwwerleeë ginn, vláicht awer ze kucken, datt een anstänneg Argumenter fénnt, fir eng gewësse Libertéit ze halen an eng gewësse Regelung.

Ech weess och, datt et vill méi einfach ass, wann ee seet, vum Findel an d'Stad kascht et esou vill a vun der Gare op de Findel kascht et esou vill. An deen Accord kritt Der bestëmmt beim Beruff. Ech mengen, do gëtt et eng ganz Partie Saachen, déi ee maache kann, an dat léissit sech och maachen. Allen zwee si mer um richtege Wee, loosse mer et emol esou soon.

**» M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Jo, mä ech puchen awer den Avis vum Conseil de la Concurrence net an de Bac an ech ginn der Chamber e fir hir Réaction autorisée. Dat ass geschitt haut, Här Sauber, an duerfir fannen ech, dass déi Diskussiou zumindest gewisen huet, dass op eenzelne

Punkte mer net anerer Meenung sinn, mä awer op enger Rei Punkten därselwechter Meenung. Ech wäert dat mat op de Wee huelen an d'Légalisation an deem Senn probéieren émzeänneren.

Haut wier ech frou, wann Der géift déi Propositioun, déi ech lech gemaach hunn, fir d'Gesetz émzeänneren, fir déi Insécuritéit erauszehuelen, stëmmen.

Merci.

**» Une voix.**- Mir paken et un.

**» M. le Président.**- Mir wäerten, Här Minister, lech elo gläich dee Gefale maachen, well mir kommen elo zum Vote vum Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Dir gesitt, Här Minister, trotz deene liewegen Diskussiouen, déi mer haten, ass d'Chamber d'accord fir Åre Projet eestëmmeg mat 58 Jo-Stëmmen unzehuelen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Lucien Thiel), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Roger Negri), Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Henri Kox), Félix Braz (par M. Jean Huss), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henkes et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidément.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum zweetleschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dem Schutz vun de kulturelle Gidder. Da gi mer dem Rapporteur d'Wuert, fir de Projet virzedroen. Den Här Sunnen huet d'Wuert.

### 9. 5550 - Projet de loi portant adaptation du droit interne aux dispositions du Deuxième Protocole relatif à la Convention de La Haye de 1954 pour la protection des biens culturels en cas de conflit armé, signé à La Haye, le 26 mars 1999

### Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche et de la Culture

**» M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, ech stellen lech heimat e Projet de loi vir, mat deem mer eist nationaalt Strofrecht vun elo un all Attacken am Kader vun engem arméierte Konflikt op Kulturgidder, déi ènnert dem Schutz vun der Konvention stinn. Des Weitere ginn d'Auteure vu Militäraktiouen, déi et mat sech bréngen, geschützte Kulturgidder am grousse Stil ze zerstéieren, bestrooft. Gradesou strofbar sinn och d'Klauen, d'Plénnerungen an d'Ènnerschloë vu Kulturgidder oder och nach d'Akte vu Vandalismus am Senn vun der Konvention.

### (Coup de cloche de la Présidence)

Nun, dës Konvention, déi deemoos vu 56 Staten ènnerschriwwen gouf, soll Kulturgidder, déi am Fall vun engem arméierte Konflikt riskéieren zerstéiert ze ginn, onbedéngt schützen an erhalen.

Den zweete Protokoll vun 1999 ass zousätzlech derbäigesat ginn, well e vis-à-vis vun 1954 eng Rei substanziell Verbesserunge bréngt.

Ech wéll mech relativ kuerfaassen, net well ech dës Konvention fir net wichteg halen, mä well et am virleiende Projet just drëm geet, fir déi wichteg Dispositiounen an d'nationaalt Recht émzeseten.

Wat ass d'Virgeschicht vun désem Projet? E gouf den 9. Mäerz 2006 vum Justizminister an der Chamber déposéiert. De 26. September 2006 ass e vum Statsrot aviséiert ginn. An der Réunion vum 6. Dezember 2007 huet d'Komission vun Héichschoul, Recherche a Kultur mech zum Rapporteur bestëmmt a mir hunn den Dossier an därselwechter Sitzung am Detail analyséiert. De schrifteche Rapport ass dann an der Kommissionssëtzung vum 16. Januar 2008 eestëmmeg ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer just zwee Wuert iwwert d'Konvention vun La Haye. Nieft allem anere Misär, deen duerch Kricher a Militäraktiouen am Laf vun der Geschicht vun der Mënscheet entstanen ass, war et och meeschitens esou, datt wäertvoll Kultura- a Konschtschätz muttwëllig zerstéiert goufen an onwiderrufflech fir émmer verluer waren. Dat ass net némnen e grousse Verloscht fir déi betraffen Natiounen, mä och fir all dat Wäertvollt, wat d'Mënscheet ervirbruecht huet a wat mer haut ènnert dem Begréff „Weltkulturerbe“ verstinn.

Aus dësem Grond huet eng international Konferenz zu La Haye, un därt, wéi scho bemierkt, 56 Natiounen delgeholl hunn, am Joor 1954 eng Konvention ausgeschafft an ugeholl. Dëst war en Novum, en éischt internationale Instrument mat enger universeller Vokatioun, déi ausschliesslech op d'Protektioun vum Patrimoine culturel ausgerichtet war. D'Konvention gëtt applizéiert bei alle Biens meubles, immeubles, bei Wierker aus de Beräicher Konscht, Architektur a Geschicht, bei archäologesche Siten a bei wëssenschaftleche Sammlunge vun all Genre, ganz egual wou se hierstamen a wien de Propriétaire ass. Esou wéi an all aneren internationalen Traitéen sinn d'Länner, déi ènnerschriwwen hunn, un d'Konvention an un déi jeeweileg Protokoller gebonnen.

Aus dësem Grond huet eng international Konferenz zu La Haye, un därt, wéi scho bemierkt, 56 Natiounen delgeholl hunn, am Joor 1954 eng Konvention ausgeschafft an ugeholl. Dëst war en Novum, en éischt internationale Instrument mat enger universeller Vokatioun, déi ausschliesslech op d'Protektioun vum Patrimoine culturel ausgerichtet war. D'Konvention gëtt applizéiert bei alle Biens meubles, immeubles, bei Wierker aus de Beräicher Konscht, Architektur a Geschicht, bei archäologesche Siten a bei wëssenschaftleche Sammlunge vun all Genre, ganz egual wou se hierstamen a wien de Propriétaire ass. Esou wéi an all aneren internationalen Traitéen sinn d'Länner, déi ènnerschriwwen hunn, un d'Konvention an un déi jeeweileg Protokoller gebonnen.

Här President, den éischte Protokoll, dee gläichzäiteg mat der Konvention vun 1954 a Krafft getrueden ass, verbitt de Signatairé Kulturgidder aus deene Länner, déi se wéinst engem arméierte Konflikt besetzen, ze exportéieren.

Erlaabt mer hei eng Zwëschebemierung.

Wa mer dës Konvention éischter gehat hätten, da wiere mer nach haut am Besétz vum Codex Aureus, e Manuskript an e Konschtwierk, wat onvergisslech a vu grousem Wäert fir lechternach a fir eist ganz Land ass.

Des Weitere verflichte sech d'Staten, all nouwendeg Mesuren ze huelen, fir esou eng Exportatioun ze verhënneren. D'Zil heivunner war et fir Déifställ, déi am Zweete Weltkrich un der Dagesuerdhung waren, ze verhënneren an ze ènnerbannen.

Den zweete Protokoll ass d'Resultat vu Verhandlungen, déi d'UNESCO 1991 ugefaangen hat. De 26. Mäerz 1999 konnt de Protokoll schlussendlech ugeholl ginn. De Létzebuerger Ambassadeur zu Den Haag huet nach deeselwechten Dag seng Paraph

drénnergesat an de 17. Mee 1999 huet Létzebuerger de Protokoll offiziell ènner-schriwwen.

Dëse Protokoll, wéi uganks scho bemierkt, bréngt eng ganz Rei vu Verbesserunge par rapport zur Konvention mat deem éische Protokoll.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, wa mer dëse Projet hauft stëmmen, da sanktionéiert eist nationaalt Strofrecht vun elo un all Attacken am Kader vun engem arméierte Konflikt op Kulturgidder, déi ènnert dem Schutz vun der Konvention stinn. Des Weitere ginn d'Auteure vu Militäraktiouen, déi et mat sech bréngen, geschützte Kulturgidder am grousse Stil ze zerstéieren, bestrooft. Gradesou strofbar sinn och d'Klauen, d'Plénnerungen an d'Ènnerschloë vu Kulturgidder oder och nach d'Akte vu Vandalismus am Senn vun der Konvention.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der feststelle kënnt, sinn et dës elematar awer wichteg Regelungen, déi et er-laben, de weltwàite Patrimoine culturel ze schützen a fir déi nächst Generatiounen ze erhalen.

Ech bieden lech dofir, dëse wichtige Projet unzehuelen an ech soen lech Merci fir År Zoustëmmung. Ech wéilt heimat och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktiouen bréngen.

Merci.

### Plusieurs voix.

**» M. le Président.**- Merci, Här Rapporteur. Huet nach een den Ausféierunge vum Rapporteur eppes bázefügen? Ech gesinn, d'Regierung ass och d'accord mat den Ausféierungen a wär frou, wa mer dëse Projet stëmmen. Duerfir komme mer zum Vote.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Madame Statssekretärin, de Projet de loi 5550 ass ugeholl mat 59-Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Stein-Mergen), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par M. Marcel Oberweis), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Ben Fayot), Romain Schneider (par M. John Castegnaro), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Carlo Wagner), Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Jean Huss), Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henkes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidément.

Mir kommen dann zum Kultur- a Sport- ofkommes mat Kroatien. Den honorabelen Här Marcel Oberweis dréit eis de Rapport vun der Kommission vir.